n° 162

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

REÇU
Par Alff Christian , 08:35, 01/12/2020

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

30/11/2020

**Här President,**

**Am Kader vun der Froestonn vum 1. Dezember 2020 wéilt ech dem Lex Delles eng mëndlech Fro stellen.**

Bedéngt duerch d'Covid-19-Pandemie an déi vun der Regierung virgesinne Restriktioune waren d'Restauranten am Land leider nees gezwongen, hier Offer anzeschränken.
Wärend dës Restriktioune gëllen, dierfe just nach Takeaway-Platen ugebueden oder Livraisoune gemaach ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

- Ass "Lëtzshop" mëttlerweil esou ausgebaut ginn, dass och den Horeca-Secteur d'Online-Plattform wäert benotze kennen, fir Commanden an Echtzäit eran ze kréien an dorops hin ze traitéieren?
- Falls jo: Ab wéini wäert dësen Online-Service de Betriber opstoen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc Députe